N°48
Entrée le 20.12.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äentwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil op d'parlamentaresch Fro n°48 vun den Hären Deputéiert Sven Clement a Ben Polidori**

**1.**

Am Kontext vun der geplangter Fermeture gouf e Groupe de Travail gegrënnt vir Léisungen an Alternativen ze fannen. Sou gouf, säit Februar 2023, mat folgende Partner geschafft:

- Ville de Luxembourg
- Office social de la Ville de Luxembourg
- Croix-Rouge Luxembourg
- Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande-Région
- Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
- Office national d'inclusion sociale

**2.**

Déi kompetent sozial Servicer hunn d'Persoune bei hirer Wunnengssich ënnerstëtzt a verschiddener kruten och sozial Wunnengen ugebueden. Allerdéngs ass et ëmmer nach an der Responsabilitéit vun de Leit sech och tatsächlech bei deene verschiddene Servicer ze mellen an sech anzeschreiwen oder d'Offeren déi se kréien unzehuelen oder net.

Et sief nach unzemierken dass säit Ugangs dësem Joer, 59 Persounen d'Struktur verlooss hunn. Dovunner hunn der 24 privat eng Wunneng fonnt, 35 anerer goufen innerhalb vun de Strukture vum ONA relogéiert. 3 si verschwonnen.

**3.**

D'Persounen déi sou eng Offer kréien, kënnen aus perséinleche Grënn eng Wunneng déi disponibel ass an domadder e Relogement refuséieren.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

Luxembourg, le 20.12.2023

Le Ministre de la Famille, des Solidarités du Vivre ensemble et de l'Accueil

(s.) Max Hahn